N°542
Entrée le 27.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.03.2024

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 27. Mäerz 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d' Madamm Ministesch fir d'Mobilitéit a fir d'Travaux publics weiderzeleeden:

„Medien hu beriicht, datt an Däitschland quasi all zweete Kandidat duerch den theoretesche Führerschäinsexamen fält.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir d'Mobilitéit a fir d'Travaux publics follgend Froe stellen:

- Wéi héich ass den Taux d'échec bei den theoreteschen Examen zu Lëtzebuerg? Gëtt et do statistescht Material?
- Wéi vill Kandidate mussen den Examen méi wéi eemol maachen?
- Gëtt et an dem Zesummenhang Ënnerscheeder je no Kategorie vu Führerschäinsexamen?
- Wéi huet sech d'Zuel vun de Kandidate fir den theoretesche Führerschäinsexamen an de leschte fënnef Joer entwéckelt?
- Wéi héich ass, jee no Kategorie, den Taux d'échec beim praktesche Führerschäinsexamen?
- Wéi vill Kandidate mussen dësen Examen, jee no Kategorie, méi wéi eemol widderhuelen? “

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten

N°542
Entrée le 29.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n° 542 vum 27. Mäerz 2024 vun den honorabelen Députéierten André Bauler a Gusty Graas zum Sujet «Führerschäinsexamen»**

- Wéi héich ass den Taux d'échec bei den theoreteschen Examen zu Lëtzebuerg? Gëtt et do statistescht Material?

Bei den theoreteschen Exame war den Taux de réussite an de leschte Joren (2017 – 2023) an der Moyenne bei 80%, respektiv den Taux d'échec bei 20%. D'Zuele weise gutt, dass ab 2019 nei Examensfroe bäigesat goufen. Am Joer 2020 gouf et e Corona-bedéngte Lockdown wou d'Kandidate méi Zäit hate fir ze léieren.


| Examens théoriques (taux de réussite en %) | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | **2023** | **2022** | **2021** | **2020** | **2019** | **2018** | **2017** |
| **Réussites** | 74.3% | 72.8% | 75.5% | 87.5% | 79.9% | 84.4% | 85.6% |
| **Recalages** | 25.7% | 27.2% | 24.5% | 12.5% | 20.1% | 15.6% | 14.4% |

- Wéi vill Kandidate mussen den Examen méi wéi eemol maachen?

Heiriwwer gi keng Statistik oder Zuelen zesummegestallt.

- Gëtt et an dem Zesummenhang Ënnerscheeder je no Kategorie vu Führerschäinsexamen?

D'Zuele weisen, dass et jee no Kategorie kaum en Ënnerscheed gëtt. Bei dem Busführerschäin (D) ass den Taux d'échec en moyenne liicht méi héich.




| Taux de réussite / échec - examen théorique du permis de conduire (2023 - 2019) | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | 2023 | | 2022 | | 2021 | | 2020 | | 2019 | |
| Catégorie | Taux de réussite | Taux d'échec | Taux de réussite | Taux d'échec | Taux de réussite | Taux d'échec | Taux de réussite | Taux d'échec | Taux de réussite | Taux d'échec |
| A1 | 67.6% | 32.4% | 76.1% | 23.9% | 74.7% | 25.3% | 84.9% | 15.1% | 85.8% | 14.2% |
| A2 | 84.9% | 15.1% | 84.2% | 15.8% | 85.7% | 14.3% | 89.6% | 10.4% | 92.3% | 7.7% |
| AM | 70.5% | 29.5% | 59.5% | 40.5% | 71.2% | 28.8% | 85.0% | 15.0% | 87.7% | 12.3% |
| B | 74.4% | 25.6% | 73.2% | 26.8% | 76.2% | 23.8% | 88.9% | 11.1% | 83.8% | 16.2% |
| C | 67.5% | 32.5% | 68.5% | 31.5% | 68.6% | 31.4% | 79.9% | 20.1% | 77.3% | 22.7% |
| C1 | 95.5% | 4.5% | 89.2% | 10.8% | 98.9% | 1.1% | 93.3% | 6.7% | 96.4% | 3.6% |
| D | 61.0% | 39.0% | 52.2% | 47.8% | 57.8% | 42.2% | 68.0% | 32.0% | 70.5% | 29.5% |
| F | 76.3% | 23.7% | 66.9% | 33.1% | 73.2% | 26.8% | 82.8% | 17.2% | 89.3% | 10.7% |

- Wéi huet sech d'Zuel vun de Kandidate fir den theoretesche Führerschäinsexamen an de leschte fënnef Joer entwéckelt?

An deene leschte fënnef Joer ass d'Unzuel vun den theoreteschen Examen vun 11 073 op 13 849 eropgaangen.

| Examens théoriques (nombres) | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | **2023** | **2022** | **2021** | **2020** | **2019** | **2018** | **2017** |
| **Réussites** | 10 291 | 9 127 | 9 646 | 9 328 | 8 844 | 8 741 | 8 497 |
| **Recalages** | 3 558 | 3 418 | 3 129 | 1 334 | 2 229 | 1 612 | 1 427 |
| Total | 13 849 | 12 545 | 12 775 | 10 662 | 11 073 | 10 353 | 9 924 |
| *Taux d'évolution annuel* | 10.4% | -1.8% | 19.8% | -3.7% | 7.0% | 4.3% | |

- Wéi héich ass, jee no Kategorie, den Taux d'échec beim praktesche Führerschäinsexamen?

Am grousse Ganze gëtt de prakteschen Examen zu 55 – 60 Prozent gepackt, den Taux d'échec ass deemno tëschend 40 a 45 Prozent.

De B-Führerschäin mecht ongeféier 80% vun allen Examen aus. Et kann een hei feststellen, dass an der Moyenne den Taux de réussite am Fall vun "conduite accompagnée" bei 58% läit, während en am Fall vum normale Régime nëmme bei 47% läit.

| Catégorie du permis de conduire | 2023 | | | | 2022 | | | | 2021 | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | réussi | échoué | total | taux de réussite | réussi | échoué | total | taux de réussite | réussi | échoué | total | taux de réussite |
| A1 | 158 | 78 | **236** | 66.9% | 174 | 63 | **237** | 73.4% | 190 | 62 | **252** | 75.4% |
| A2 | 894 | 137 | **1 031** | 86.7% | 836 | 133 | **969** | 86.3% | 897 | 119 | **1 016** | 88.3% |
| B (conduite accompagnée) | 2 983 | 2 231 | **5 214** | 57.2% | 2 979 | 2 481 | **5 460** | 54.6% | 3 064 | 2 375 | **5 439** | 56.3% |
| B (non -accompagnée) | 3 589 | 4 597 | **8 186** | 43.8% | 3 560 | 4 659 | **8 219** | 43.3% | 3 817 | 4 813 | **8 630** | 44.2% |
| BE | 528 | 94 | **622** | 84.9% | 552 | 108 | **660** | 83.6% | 590 | 93 | **683** | 86.4% |
| C | 501 | 131 | **632** | 79.3% | 521 | 117 | **638** | 81.7% | 542 | 116 | **658** | 82.4% |
| C1 | 65 | 3 | **68** | 95.6% | 81 | 9 | **90** | 90.0% | 97 | 4 | **101** | 96.0% |
| C1E | 14 | 0 | **14** | 100.0% | 11 | 1 | **12** | 91.7% | 8 | 0 | **8** | 100.0% |
| CE | 209 | 36 | **245** | 85.3% | 228 | 31 | **259** | 88.0% | 276 | 39 | **315** | 87.6% |
| D | 322 | 161 | **483** | 66.7% | 293 | 147 | **440** | 66.6% | 349 | 140 | **489** | 71.4% |
| D1E | 0 | 0 | **0** | | 0 | 0 | **0** | | 1 | 0 | **1** | 100.0% |
| DE | 2 | 0 | **2** | 100.0% | 8 | 5 | **13** | 61.5% | 9 | 6 | **15** | 60.0% |
| F | 104 | 8 | **112** | 92.9% | 96 | 11 | **107** | 89.7% | 112 | 9 | **121** | 92.6% |
| **Total** | 9 369 | 7 476 | **16 845** | 55.6% | 9 339 | 7 765 | **17 104** | 54.6% | 9 952 | 7 776 | **17 728** | 56.1% |
| *évolution annuelle* | | | -1.5% | | | | -3.5% | | | | 30.7% | |

| Catégorie du permis de conduire | 2020 | | | | 2019 | | | | 2018 | | | | 2017 | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | réussi | échoué | total | taux de réussite | réussi | échoué | total | taux de réussite | réussi | échoué | total | taux de réussite | réussi | échoué | total | taux de réussite |
| A1 | 158 | 64 | **222** | 71.2% | 151 | 94 | **245** | 61.6% | 172 | 89 | **261** | 65.9% | 190 | 88 | **278** | 68.3% |
| A2 | 799 | 109 | **908** | 88.0% | 681 | 152 | **833** | 81.8% | 642 | 124 | **766** | 83.8% | 613 | 128 | **741** | 82.7% |
| B (conduite accompagnée) | 2 539 | 1 773 | **4 312** | 58.9% | 2 576 | 1 902 | **4 478** | 57.5% | 2 581 | 1 553 | **4 134** | 62.4% | 2 461 | 1 551 | **4 012** | 61.3% |
| B (non -accompagnée) | 2 994 | 3 224 | **6 218** | 48.2% | 3 457 | 3 846 | **7 303** | 47.3% | 3 812 | 3 701 | **7 513** | 50.7% | 3 710 | 3 849 | **7 559** | 49.1% |
| BE | 485 | 100 | **585** | 82.9% | 500 | 93 | **593** | 84.3% | 482 | 119 | **601** | 80.2% | 456 | 116 | **572** | 79.7% |
| C | 497 | 102 | **599** | 83.0% | 484 | 194 | **678** | 71.4% | 434 | 150 | **584** | 74.3% | 361 | 153 | **514** | 70.2% |
| C1 | 74 | 3 | **77** | 96.1% | 40 | 7 | **47** | 85.1% | 29 | 7 | **36** | 80.6% | 38 | 2 | **40** | 95.0% |
| C1E | 8 | 1 | **9** | 88.9% | 9 | 0 | **9** | 100.0% | 7 | 3 | **10** | 70.0% | 6 | 0 | **6** | 100.0% |
| CE | 168 | 40 | **208** | 80.8% | 188 | 36 | **224** | 83.9% | 163 | 29 | **192** | 84.9% | 171 | 46 | **217** | 78.8% |
| D | 214 | 108 | **322** | 66.5% | 281 | 159 | **440** | 63.9% | 282 | 174 | **456** | 61.8% | 241 | 174 | **415** | 58.1% |
| D1E | 0 | 0 | **0** | | 0 | 0 | **0** | | 0 | 0 | **0** | | 0 | 0 | **0** | |
| DE | 10 | 6 | **16** | 62.5% | 30 | 10 | **40** | 75.0% | 22 | 11 | **33** | 66.7% | 29 | 13 | **42** | 69.0% |
| F | 81 | 9 | **90** | 90.0% | 90 | 11 | **101** | 89.1% | 82 | 19 | **101** | 81.2% | 104 | 22 | **126** | 82.5% |
| **Total** | 8 027 | 5 539 | **13 566** | 59.2% | 8 487 | 6 504 | **14 991** | 56.6% | 8 708 | 5 979 | **14 687** | 59.3% | 8 380 | 6 142 | **14 522** | 57.7% |
| *évolution annuelle* | | | -9.5% | | | | 2.1% | | | | 1.1% | | | | | |

- Wéi vill Kandidate mussen dësen Examen, jee no Kategorie, méi wéi eemol widderhuelen?

Heiriwwer gi keng Statistik oder Zuelen zesummegestallt.

Lëtzebuerg, den 26. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes